PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/02/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Am Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwert de Sproochenasaz steet: "Lorsqu'une requête est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, dans la mesure du possible, pour sa réponse de la langue choisie par le requérant" (Artikel 4). Eisen Informatiounen no, beäntweren zumindest verschidde Fonctionnairë bei der Administratioun vum Enregistrement Ufroen, déi hinnen op Lëtzebuergesch zougaange sinn, mat Formbréiwer op Franséisch.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Denkt de Minister, datt den Deelsaz "dans la mesure du possible" genuch Spillraum léisst, fir Formbréiwer (wéi z.B. Decompten) net an all administrativ Sprooche vum Land iwwersetzen ze mussen?
- Wéi eng Moossname wäert de Minister ergräifen, fir datt och um Enregistrement d'Dispositioune vum Gesetz vun 1984 Uwennung fannen?
- Wéi vill Bréiwer goufen – opgelëscht no Joer – zanter 1984 vun der Administratioun vum Enregistrement net an där administrativer Sprooch beäntwert, an där se ukomm sinn? Falls dës Statistiken net disponibel sinn: Ass de Minister net der Meenung, datt d'Promotioun vun eiser Méisproochegkeet och Fakten iwwert d'Realitéit um Terrain verlaangt?
- Ginn et nieft de franséischsproochege Formbréiwer um Enregistrement och Formbréiwer an aneren administrative Sproochen (Lëtzebuergesch oder Däitsch)?
- Ass de Minister der Meenung, datt een eventuell déi administrativ Kommunikatioun och op déi Englesch Sprooch erweidere misst?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député